N°4127
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Ëmmer méi Stéit zu Lëtzebuerg si vun der „Allocation de vie chère“ ugewisen, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen an hir héich Loyer-, Energie- oder sos Liewenskäschten kënnen ze bezuelen. No Informatiounen, déi mir virleien, kënnt et beim Fonds national de solidarité (FNS) aktuell zu bedeitende Retarde bei der Behandlung vun den Demanden a verschidde Leit waarden elo scho Méint drop, dass hir Demande iwwerhaapt behandelt gëtt. Et ass rieds vun dausenden Demanden, déi nach net behandelt goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir d’Allocation de vie chère goufen dëst an d'Iescht Joer beim FNS agereecht?
2. Wéi vill Demanden goufen, Stand Enn Abrëll 2026, nach net behandelt?
3. Wéi vill Personal ass fir den Traitement vun dësen Demanden affektéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés